D'Mierscher Musek spent 2 500 Euro

Miersch. Virun e puer Deeg hat d'Mierscher Musek déi grouss Freed, ee Scheck vun 2 500 Euro un d'„Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung" ze iwwerreechen. Dësen Don ass den Erléis vum Benefizconcert, den zesumme mat der Douane's Musek de 6. Mee am Mierscher Kulturhaus war. An der Paus vum Concert hat de Generaldirekter Dr. Jean-Paul Grün deene villen Auditeuren d'Fondatioun an och d'Blannenheem virgestallt. D'Mierscher Musek seet all hire Sympatisanten an Donateuren Merci fir hir Generositéit. *Mierscher Musek asbl. via mywort.lu*